**Rapport réunion CdJ du 14.7.2025**

Présents: Claude Magar, Guy Kruchten, Marco Schmitz, Romain Engels, Josianne Conzemius, Marco Schmit, Suzie Godart
Excusés: Lex Schroeder, Dan Wiseler, Serge Raach
Invité: Camille Dahm (président FSCL)

1) Cooption Josianne Conzemius

Op Demande vum UC Rodange gët d'Josianne Conzemius als zousätzleche Member vun der Kommission Jeunes kooptéiert.

2) Bréif Romain Engels un de Camille Dahm

Zesumme mat dem Präsident gët iwwer déi verschidde Punkten diskutéiert a probéiert e gemeinsamen Nenner ze fannen dem dann awer och schonn am iwerschafften Reglement kloer Rechnung gedroen soll ginn.

3) Adaptatioun vum läschte Rapport

De Rapport vum 16.6.2025 gët eestëmmeg ugehuel a kann online gesat ginn.

4) Rapports de course

De Marco Schmitz war Delegéierten op der Course Jeunes zu Miersch den 12.7.2025 a mécht e kuerze Rapport. Et waren 93 Kanner um Start a keng besonnesch Virfäll oder Reklamatiounen. De Rapport gët gutt geheesch.

5) Koordinatioun FSCL Sekretariat Coursen (Feierdeeg) / Feedback Réunioun (Guy)

Dës Réunioun as eréischt méi spéit, ët wäert awer zesumme gekuckt ginn eng Léisung ze fannen.

6) Adaptéiert Reglement Jeunes (Claude)

De Claude Magar skizzéiert nach emol kuerz déi wesentlech Ännerungen, ët gët beschloss d'Reglement an dëser Form den 22.9.2025 um 19:00 um Stade Boy Konen ( De SAF Zéisseng reservéiert de Sall) de Veräiner virzestellen.

7) E-mail Adress/Accès server (Guy)

Esou wéi den Accès momentan funktionéiert ass nach nët ideal, de Guy Kruchten kuckt do zesumme mat dem Florian Salzinger eng besser Léisung ze fannen.

8) Fichier unique fir d'Verainer (listes de départ, classements etc.)

De Fichier deen aktuell genotzt gët ass scho bal perfekt, bis Enn der Saison sollten do och nach déi kleng Imperfektiounen ausgemerzt sinn, esou dat och daat ka bei der Versammlung den 22te September de Veräiner virgestallt ginn.

9) Sponsoring/Budget

Fir de Vertrag mam "Kichechef" soll de Florian Salzinger eis en adaptéierte Vertrag FSCL schécken. De Marco Schmitz iwwerhëlt den Job, daat mat dem Marc Hilgert vum "Kichechef" ze klären.
Vu FSCL-Säit aus hu mir eise Budget (deen awer nët kloer définéiert ass, misst fir 2026 verbessert ginn) nach nët opgebraucht.

10) Bestellung Blanko Kaderplacken

Et mussen nach 50 blanko Placken fir Non-Licenciés nobestallt ginn, d'Rechnung geet un d'FSCL. Fir d'nächst Saison muss d'Unzuel vun de Placken, déi bestallt ginn, nach emol ugepasst ginn. ***Well Nummeren ob de Kaderplacken net gutt ze liesen sinn, soll am Zentrum e wäisst Feld virgesi gin***.

11) Klassement Rodange

No Verbesserung gët d'Resultat publizéiert mat der Remarque: "hors Trophée Jeunes". An Zukunft solle bei esou engem Event zwee Delegéierten op der Plaz sinn, an och iwwer aner Verbesserungen soll nach emol diskutéiert ginn.

12) Divers

De Romain Engels mecht nach emol drop opmierksam, dat suwuel beim COSL-Spillfest, wéi beim Olympiadag, eng super Reklamm fir de Vëlossport gemat gouf, bemierkt allerdéngs, dat ët a Saachen Informatioun fir déi fräiwëlleg Helfer e bësse gehickt huet. Informatiounen si vill ze spéit komm, do ass nach Loft no uewen.

**Nächst Versammlung: 15.9.2025 um 19:00 um Boy Konen**